


# JUGENDVERSAMMLUNG VUM 29.06.2024


**Aktivitéiten an der Summervakanz:**

- Mir hunn d'Aktivitéiten beschwat, déi bis elo geplangt sinn.
- Wasserschi zu Riol ass den 25.07.
- Eventuell kennt een Dag bei, wou mir op d'Gamescom fueren.
- Gewënscht ginn ass sech nach, dass mir an d'Schwemm op Bitbuerg fueren. Entweder Enn August oder Mëtt September.



**Woch vun der mentaler Gesondheet:**
Mir hunn d'Bandproposen vun der Gemeng diskutéiert, déi Sonndes als Ofschloss spillen kéinten. Virgeschloen goufen vun den Jonken nach zousätzlech den "Nosi" an "Unique".
Sportlech wärten mir zesummen lafen goen. Zousätzlech wärten mir an dem Kader den Wonsch vum "Beauty Day" emsetzen als "Feel-Good-Day" mat eegenen Gesiichtsmasken a Yoga am Jugendhaus. E puer Steck wieren och bereed en Gedicht a Form vu Poetry Slam virzedroen. Do kucken mir virdrun nach en Workshop dozou ze machen.

**Sportlech Iddien vir an d'Gemeng**
D'Iddien vun den Jonken vir en gréissert Völkerball ze machen, Gemengenintern. Och d'Iddien vun Klimmzugstangen an engem Teqballdësch beim Skatepark hëllt den Thierry an déi nächst Sportversammlung vun der Gemeng mat, vue dass déi läscht ausgefall ass.






**Toile fir den CIPA:**
Arennerung, dass mir gefroot goufen 4 Toilen fir den CIPA ze designen. Mir wärten am November domatt ufänken an Iddien ze sammelen...



**BeActive 2024:**
**D'Iddi fir rem mam Jugendhaus Mutfert spille ze goen ass gutt ukomm. D'Bouschéissen am Mariendall wier och eng gutt Iddi. Gefroot goufen nach Aaxtschéissen, Beachvolleyball, Golf an Zumba.**

**Spontan Iddien:**
Aus der Iddi fir am Dezember en Dag mat Chrëschtfilmer ze machen a Schocki an Snacks ass och d'Iddi entstann am November en Marvel-Filmmarathon ze machen an "Nightmare before Christmas" ze kucken.

**Iddien fir zukünfteg Kolonien :**
Genannt goufen: Paräis, Barcelona mam Nuetszuch, Wien, Salzburg,Island, Florenz an Lappland.



**Aaner Wënsch:**
**Am Summer aanert Uebst am Frigo.**
**Workshop fir selwer d'Neel ze machen.**

## DÉI NÀCHST JUGENDVERSAMMLUNG ASS AM SEPTEMBER!